ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Depot: Fernand Kartheiser

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2020

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- d'Regierung sech am aktuelle Kontext vun der Corona-Kris op europäeschem Niveau dofir ausgeschwat huet, gemeinsam Scholdschäiner a Form vu „Corona-Bonds" erauszeginn an et domat enger Rei vu Länner ze erlaben, sech zu bessere Konditiounen ze finanzéieren;
- dës Initiativ vu Frankräich, Italien, Portugal, Irland, Spuenien, Slowenien, Griicheland an der Belsch ënnerstëtzt gëtt, vun anere Memberstaaten awer staark contestéiert gëtt;
- d'Regierung dës Initiativ haaptsächlech doduerch motivéiert, datt elo eng besonnesch Solidaritéit gefrot wär, well d'Corona-Kris en externe Schock fir d'EU duerstelle géif, fir dee keen eenzelt EU-Land eng Verantwortung géing droen, deen awer all d'Memberstaate géing treffen;

erënnert drun, datt

- esou eng Diskussioun ëm „Corona-Bonds" vun Natur aus enk mat der Diskussioun ëm „Euro-Bonds" an enger Vergemeinschaftung vu Scholde verbonnen ass;
- d'Aféiere vu „Corona-Bonds" dowéinst d'Diskussioun ëm eng Vergemeinschaftung vu Scholden duerch „Euro-Bonds" oder änlech Finanzinstrumenter kéint relancéieren;
- den Art. 123 an den Art. 125 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun Moossnamen zu enger Vergemeinschaftung vu Scholden explizitt verbidden an dat dësen Traité vun der Chamber ratifizéiert gouf;

fuerdert d'Regierung op,

- an där ganz schwiereger Situatioun, an där d'Europäesch Unioun sech zënter Jore befënnt, keng nei Rëss tëschent de Memberstaaten ze verursaachen a keng Initiativen ze huelen, vun deene si vu vir era weess, datt si zu onnéidegem Sträit féieren;
- eng Diplomatie ze féieren, déi d'europäesch Staate solidaresch zesummeféiert an dowéinst och keng Vergemeinschaftung vu Scholden ze ënnerstëtzen, weeder duerch „Corona-Bonds" nach duerch „Euro-Bonds" nach duerch aner, vergläichbar Finanzinstrumenter;
- keng Scholdepolitik ze bedreiwen, déi d'Zënslaascht fir Lëtzebuerg géing onnéideg vergréisseren;

- déi ouni Zweiwel richteg an néideg Solidaritéit an Europa, besonnesch och am Kontext vun der Corona-Kris, net iwwert de Wee vun enger Vergemeinschaftung vu Scholden ze sichen, mee, esoubal d'Ëmstänn et erlaben, besonnesch betraffene Länner eng grousszügeg, bilateral Hëllef zoukommen ze loossen, z.B. a Form vu Personal, Material, Logistik an esou weider;
- et deene betraffene Länner ausserdeem ze erméiglechen, op aner Finanzinstrumenter an der Europäescher Unioun séier zeréckzegräifen, besonnesch och am Kader vum Stabilitéitsmechanismus, déi hinnen et géingen erlaben, sech séier a méiglechst gënschteg ze finanzéieren.